# MENG GEMENG

pétange
MOTIVATION COMMUNE
an Du

LE MAGAZINE DE LA COMMUNE DE PÉTANGE

ABRËLL - MEE 2026



## SCHÉIN OUSCHTEREN

www.petange.lu






**Edito** 3
*Fréijoer an Ouschteren: Zäit fir nei Energie*
*Printemps et Pâques : une saison de renouveau*

**D'Nationalbibliothéik, eng Wëssensquell fir jiddereen** 4
*Jo, et si scho 6 an en halleft Joer hier, datt déi nei Nationalbibliothéik ageweit gouf. E Gebai, dat opfällt, e Gebai, dat, esoubal een an Foyer erakënnt, modern ...*

**Aktuell: Mobilität via App** 7
*Mit unserer Mobilitäts-App bündeln wir alle wichtigen Informationen zur Fortbewegung in und um die Gemeinde in einer einzigen Anwendung.*

**Die kommunalen Photovoltaik-Anlagen** 8

**klima agence : Et si le préfinancement simplifiait... l'accès à votre installation photovoltäique ?** 9

**SICONA: Die Heubörse für Luxemburg** 10

**SICONA: Aktioun Päiperlek 2026** 11

**Invasiv an onnatierlech Matbewunner** 12

**AGENDA** 13

**Wat war lass?** 22

**Cavalcade** 24

**Wat war lass?** 26

**Mir gratuléieren** 40

**D'Gemeng informéiert** 42
*Rue Guillaume : un nouvel aménagement pour plus de qualité de vie*
*Joyeuse Entrée – Ville d'Esch*
*MyGuichet,lu*
*Nei Mataarbechter*
*Mega: La violance n'est pas une affaire privée*
*Concours: Wéi gutt kennt Dir Är Gemeng?*

**Leichte Sprache - Das Korus** 46

**Fábrica del Ritmo** 48

# IMPRESSUM

**Éditeur :**
Administration communale de Pétange
B.P. 1 • L-4701 Pétange
Tél. : 50 12 51-1000
Fax : 50 12 51-2000
www.petange.lu
commune@petange.lu

**Comité de rédaction :**
Service Culture et Communications

**Photos :**
Service Culture et Communications, Laurent Blum, Paulo Lobo, Claude Piscitelli, LGS Péiteng, Cisp Péiteng, ANR/ Samantha Rabiller, Seniorie St Joseph de Pétange

**Mise en page & impression :**
Imprimerie Heintz, Pétange
PRINTED IN LUXEMBOURG

„Meng Gemeng",
imprimé sur du papier 100% recyclé, paraît 6 fois par an.

La revue est distribuée gratuitement à tous les ménages de la commune de Pétange.

**Édition :**
Avril - Mai 2026

ISSN 1993-0070

FSC RECYCLED Paper made from recycled material FSC® C223614

# Fréijoer an Ouschteren: Zäit fir nei Energie

Mat den éischte waarme Sonnestralen, de bléiende Beem an de méi laangen Deeg kënnt och nees eng Zäit vun Hoffnung, Neistart a Freed: d'Fréijoer. No de kale Wantermeint erwächt d'Natur lues a lues erëm zum Liewen, an iwwerall gesäit een déi éischt Faarwen an der Landschaft.

Ouschteren ass dobäi ee vun de schéinste Momenter an dëser Zäit. Et ass eng flott Geleeënheet, fir zesummen Zäit ze verbréngen – mat der Famill, mat Frënn oder einfach bei engem Spadséiergang an der Natur. Fir Kanner bedeit et spannend Momenter bei der Ouschtereeër-Sich, fir Erwuessener eng kleng Paus am Alldag an d'Freed iwwer déi nei Energie, déi d'Fréijoer mat sech bréngt.

Dës Zäit vum Joer ass vläicht genee dee richtege Moment, fir nei Projeten unzegoen, sech un d'Fréijoersbotz ze woen, frësch Iddien ze entwéckelen oder einfach mat frëschem Elan an déi nächst Méint ze starten.

Mir wënschen Iech allen e schéint Fréijoer, vill Sonnestonnen an eng friddlech a frou Ouschterzäit.

# Printemps et Pâques : une saison de renouveau

Avec les premiers rayons de soleil, les arbres en fleurs et les journées qui s'allongent, le printemps s'installe peu à peu. Après les mois froids de l'hiver, la nature se réveille et apporte avec elle des couleurs, de la lumière et une nouvelle énergie.

La période de Pâques fait partie des moments les plus appréciés de cette saison. Elle invite à ralentir le rythme et à profiter de moments partagés – en famille, entre amis ou simplement lors d'une promenade dans une nature qui reprend vie. Pour les enfants, c'est l'excitation de la chasse aux œufs ; pour les adultes, l'occasion de faire une pause et de savourer l'atmosphère particulière du printemps.

Le printemps est aussi synonyme de renouveau. C'est souvent le moment idéal pour démarrer de nouveaux projets, se lancer dans le nettoyage de printemps, développer des idées ou simplement aborder les mois à venir avec un regard neuf et un regain d'énergie.

Nous vous souhaitons à toutes et à tous un très beau printemps, de nombreuses heures de soleil et de joyeuses fêtes de Pâques.



# D'Nationalbibliothéik, eng Wëssensquell fir jiddereen




Jo, et si scho 6 an en halleft Joer hier, datt déi nei Nationalbibliothéik ageweit gouf. E Gebai, dat opfällt, e Gebai, dat, esoubal een an de Foyer erakënnt, modern, awer waarm, esou guer gemittlech eriwwerkënnt an zugläich och eng agreabel Rou ausstraalt.

**Wou ass d'Bibliothéik?**
37D, avenue John F. Kennedy,
L-1855 Luxembourg

**Wéi kann ech d'BnL kontaktéieren?**
*Allgemeng Informatiounen iwwer*
Tel.: (+352) 26559-100

D'BnL ass all Dag vu méindes bis freides ab 10 Auer op.

**Dat ganzt Gebai ass och fir Leit mat enger Behënnerung zougänglech!**

An d'Nationalbibliothék kënnt ee mam Auto, Bus, Zuch an Tram. E Parking payant steet och fir d'Visitteuren zur Verfügung.

Méi detailléiert Informatiounen fënnt een um Site www.bnl.lu

## Ween dierf d'Servicer benotzen?

All Persoun, déi iwwer 14 Joer al ass, kann sech an der Nationalbibliothéik aschreiwen. Dat kann een op der Plaz oder vun doheem aus maachen. Déi physesch Kaart kritt een allerdéngs just am Guichet vun der BnL ausgestallt.

Och wann een dës Kaart net muss weisen – e Kont ze hu geet hei duer - brauch een se fir Bicher an aner Dokumenter auszeléinen, et muss een och eng hu fir ze printen oder Kopien ze maachen.

Just Leit, déi hei am Land respektiv an de Grenzregioune wunnen, kënne Bicher an aner Dokumenter ausléinen. Fir déi aner Leit ass et esou, dat si d'Dokumenter aus der BnL just kënnen op der Plaz benotzen. D'Aschreiwung ass gratis, just fir d'Erausdrécken an d'Kopéiere muss ee bezuelen.

## Wéi kann ech e Buch ausléinen?

Fir en Dokument auszeléine ginn et e puer Méiglechkeeten: et kann een e Buch direkt aus dem Regal eraushuelen an et da fir ze liesen respektiv schaffen op der Plaz benotzen oder mat heem huelen. Freet een z.B. no engem Buch am Guichet oder un enger vun de Bornen, déi am Gebai opgestallt sinn, da kann et bis zu 2 Stonnen daueren ier et prett ass, well déi Dokumenter aus dem Magaséng kommen. Dofir ass et praktesch, wann ee scho vun doheem aus iwwer d'Internetportal **www.a-z.lu** z.B. e Buch virbestellt, da läit dat scho prett am

Guichet fir de Lieser. Dann huet ee 7 Deeg Zäit fir et do ewechzehuelen.

Bis zu 35 Dokumenter kann sech de Lieser op eng Kéier ausléinen, an dat fir 3 Wochen. Eng Verlängerung ass méiglech wa keen anere Lieser sech eent vun deene Bicher/Dokumenter reservéiert huet.

Esouwuel virun der Dir ewéi och am Foyer gëtt et eng Retourskëscht, wou een e Buch, dat een sech ausgeléint hat, kann zeréckginn. Dëst Dokument kënnt dann iwwer e Band an de Magaséng, vu wou et op seng Plaz an déi jeeweileg Sektioun zeréckkënnt. Awer och op de Stäck am Gebai ginn et Automaten, wou een en ausgeléinte Buch nees ofgi kann. Dëst geschitt mat der Hëllef vun engem Computer, woufir een och seng Bibliothéikskaart benotzt.

## Wat fir Fonge ginn et an der BnL?

Wann ee vun de Fonge vun der Bibliothéik schwätzt, da sinn domat all Dokumenter gemengt, wëssenschaftlech an och net, déi een hei fënnt. Heizou gehéieren ënner anerem: de Lëtzebuergeschen an net-Lëtzebuergesche Fong, rar a wäertvoll Bicher, Musek (Placken,CDen, Partituren, etc.), Filmer, Landkaarten, Plakater a villes méi.

Ganz vill Dokumenter – awer net all - kënnen déi Leit sech ausléinen, déi eng Kaart hunn an, ewéi gesot, hei am Land oder an de Grenzregioune wunnen.

## En éischten Iwwerbléck

Direkt nodeems ee vum Foyer an d'Bibliothéik erageet, weist eng "Stel" wat een op wéi engem Stack ka fannen. Dëst ass eng einfach Andeelung, déi awer an deenen eenzelne Sektiounen nach méi detailléiert ugewise gëtt. Vum Rez-de-Chaussée aus gesäit een duerch dat ganzt Gebai bis op den 3. Stack, awer besonnesch an de grousse Liessall, wou d'Leit sech kënnen ophalen, liesen, schaffen. Hei stinn Dëscher, Still, Canapéen zur Verfügung. Och schalldicht Kabinne goufen ageriicht.

Hei ënne fënnt een och Zeitungen an Dageszeitungen aus dem In- an Ausland, déi een op der Plaz ka liesen. Zäitschrëfte stinn och zur Verfügung, awer déi thematesch Zäitschrëfte sinn an deenen eenzelne Sektiounen ze fannen. Fir déi Jugendlech méi interessant sinn hei och z.B. Comic-Bicher a "graphic novels" ze fannen, déi de Moment ganz beléift sinn.

Um Rez-de-Chaussée sinn awer och thematesch organiséiert Bicherselektiounen aus dem net-Lëtzebuerger Fong a Regaler opgestallt. Dës Selektioune wiessele reegelméisseg.

## Am rouden Zëmmer

Wien sech, sief dat aus perséinlechem Interessi, aus beruffleche Grënn oder fir eng Recherche oder de Studium eng Raritéit wëll ukucken, dee muss dëst och bei der BnL ufroen. Esou Dokumenter kann een och net ausléinen, déi sinn och just an engem spezielle Raum anzegesinn. Am rouden Zëmmer ginn dës Dokumenter ausgeluegt. Hei kann een z.B. al original Diplomer oder Plakater gesinn ewéi dem Dwight D. Eisenhower seng Proklamatioun un d'Lëtzebuerger nom Krich oder al Postkaarten, déi och den Zäitgeescht vun deemools erëmginn. Wann ee Bicher hei wëll agesinn, da muss een och Händschen undi fir datt näischt un d'Dokument kënnt. Hei ass och ëmmer e Mataarbechter aus der BnL derbäi wann esou rar Dokumenter gefrot ginn.

## Vu Musek a Film

Den zweete Stack ass der Konscht gewidmet, dozou gehéieren och den Urbanismus, d'Architektur, d'Musek an de Film derzou. Hei fënnt een och schalldicht Raim, wou de Visiteur z.B. eng Partitur ka spillen ouni déi aner ze stéieren.

Wien sech eng CD unhéieren oder e Film ukucke wëll, dee kann dat och an der BnL maachen. Direkt um Ufank vun der Mediathéik steet e "Schaf", aus deem een sech Kopfhörer kann ausléine fir op der Plaz. Aner Objeten ewéi den DVD oder Blu-Ray-Player mat USB-Oplueder kënnen an der BnL benotzt oder ausgeléint ginn.

Hei sinn och Fernbedienungen, Adapterkabelen asw. fir d'Aarbecht an de Grupperaim z'erliichteren. Dës kënne just op der Plaz benotzt ginn.

## Streaming fir modern Zäiten

Do wou een sech fréier mat Videokassetten an DVDen huet mussen erëmploen, do kann een sech





haut mat dem “Streaming” ganz einfach online Zougang zu Concerten, Filmer an Dokumentarfilmer verschafen. Dofir muss een natierlech als Lieser ageschriwwe sinn, mee et ass an e puer Schrëtt méiglech, sech mat senger Kaart unzemelden a quasi direkt dat Dokument, wat ee wëll gesinn, doheem ze kucken. An dat net nëmmen um Computer oder dem Laptop, mee esouguer op der eegener Televisioun. Instruktioune fënnt een och um Site vun der BnL. Nach besser, Dir gitt an d'Nationalbibliothéik fir alles z'entdecken.


Wien sech éischter fir Lauschterbicher interesséiert, fir deen huet d'BnL och eng Léisung parat. Sief dat fir Fräizäitliteratur oder Fachbicher ze lauschteren. Eng weider flott Alternativ sinn déi elektronesch Bicher, e-Books. Béid Variante stinn hei Dag an Nuecht zur Verfügung. Et brauch ee just den Zougangscode an d'Passwuert fir de Katalog ze gesinn an ze wielen. Selbstverständlech ass och dësen Service gratis.

## Zousätzlech Informatiounen


Wann Dir fir d'éischt op de Kierchbierg an d'Bibliothéik gitt, da stinn direkt an der Entrée kleng Casieren zur Verfügung, wou een de Mantel, de Präbbeli an d'Posch, de Kuerf oder de Ruck- bzw. Schoulsak kann ënnerbréngen, well déi sinn net bannenan erlaabt. Och dierfe keng Iesswuere mat erageholl ginn. Eng kleng, duerchsiichteg Fläsch Waasser kann een awer matbréngen. Fir de klengen Honger an Duuscht gëtt et am Foyer e klenge Café.

Sech mat Hëllef vun der BnL an den ugeschlossene Bibliothéiken e breet gefächert Wëssen unzeeegnen ass net schwéier, a virun allem kascht et näischt. Profitéiert dovunner, well fir eng ganz Rei Matmënschen ass d'Bildung net esou einfach zougänglech – wann iwwerhaapt.

Vill Spaass beim Entdecke vun der Nationalbibliothéik!



# Aktuell: Mobilität via App




## Alles rund um Fortbewegung an einem Ort

Mit unserer Mobilitäts-App bündeln wir alle wichtigen Informationen zur Fortbewegung in und um die Gemeinde in einer einzigen Anwendung. Ob Fahrradständer, Radwege, Fahrradwaschanlagen, Bahnhöfe, Bushaltestellen, Sehenswürdigkeiten oder Grillplätze – alles ist übersichtlich auf einer Karte dargestellt und leicht auffindbar.


Die App wurde entwickelt, um nachhaltige und komfortable Mobilität zu fördern. Wer unterwegs ist, soll schnell sehen können, welche Möglichkeiten es gibt – egal ob für den täglichen Arbeitsweg, einen Ausflug oder den Besuch unserer Gemeinde. Besonders der Rad- und Fußgänger Verkehr werden dadurch attraktiver, weil Informationen einfach zugänglich sind.

Unser Ziel war es, Orientierung zu schaffen und verschiedene Mobilitätsangebote miteinander zu vernetzen. Statt Informationen mühsam aus unterschiedlichen Quellen zu suchen, erhalten Nutzerinnen und Nutzer hier einen zentralen Überblick. Das stärkt umweltfreundliche Fortbewegung, erhöht die Aufenthaltsqualität und unterstützt eine moderne, lebenswerte Gemeinde.

Https://sigcom.maps.arcgis.com/apps/instant/sidebar/index.html?appid=f8800c9a54074ec1933eea87c16bf163



# Die kommunalen Photovoltaik-Anlagen




## Energie sichtbar machen

Mit unserer neuen Photovoltaik-App machen wir die Solarenergie unserer Gemeinde erstmals für alle transparent und erlebbar. Auf einer übersichtlichen Karte sind sämtliche gemeindeeigenen PV-Anlagen dargestellt – von Schuldächern über öffentliche Gebäude bis hin zu größeren Anlagen. Zu jeder Anlage stehen detaillierte Informationen zur Verfügung, bis hin zu aktuellen Produktionsdaten in Echtzeit.




Ziel dieser Anwendung ist es, die Energiewende vor Ort sichtbar zu machen. Bürgerinnen und Bürger können nachvollziehen, wie viel saubere Energie in der Gemeinde erzeugt wird und welchen Beitrag unsere öffentlichen Gebäude zur nachhaltigen Stromversorgung leisten. Die App schafft Transparenz, stärkt das Bewusstsein für erneuerbare Energien und zeigt, dass Klimaschutz nicht abstrakt ist, sondern direkt vor unserer Haustür stattfindet.

Gleichzeitig dient die Plattform als Informations- und Planungsgrundlage für Verwaltung, Politik und interessierte Personen. Sie unterstützt dabei, Potenziale zu erkennen, Entwicklungen zu verfolgen und zukünftige Projekte im Bereich Solarenergie gezielt voranzutreiben.

Https://sigcom.maps.arcgis.com/apps/instant/sidebar/index.html?appid=e4ff2427488a4e31863ce6de7a466cae

pétange
MOTIVATION COMMUNE an Du



# Et si le préfinancement simplifiait … l'accès à votre installation photovoltaïque ?

Investir dans des panneaux solaires est une démarche pertinente pour réduire les coûts énergétiques à long terme. Toutefois, le financement initial peut représenter un obstacle. Le préfinancement étatique facilite considérablement cette étape.

## Que signifie le préfinancement ?

Dans le cadre du préfinancement, l'entreprise artisanale exécutante introduit directement la demande de subvention auprès du ministère de l'Économie. La part subventionnée des aides Klimabonus est ensuite déduite de la facture finale. **Les clients ne paient dès lors que ce qui reste à leur charge**, tandis que l'entreprise reçoit le montant de l'aide au plus tard dans un délai de quatre semaines.

Pour les bénéficiaires, cela signifie qu'aucune avance totale n'est nécessaire et que la charge administrative est réduite. L'entreprise artisanale prend en charge l'ensemble de la procédure.

Simulez les aides étatiques pour votre installation solaire sur **aides.klima-agence.lu**.

## Conditions d'éligibilité

Le préfinancement s'applique uniquement aux :

- installations photovoltaïques sur des **bâtiments résidentiels** ou comprenant au moins une unité d'habitation
- installations fonctionnant **en mode autoconsommation** (sans tarif d'injection garanti)
- offres signées **au plus tard le 31.12.2029**
- demandes de subvention introduites **avant le 31.12.2031**
- factures dont les acomptes déjà versés ne dépassent pas **30 % du montant final TTC** tel que projeté dans l'offre signé par le demandeur
- entreprises artisanales inscrites au **registre des entreprises autorisées pour le préfinancement**
- installations photovoltaïques seules ou combinées à un système de batterie.

## Comment se déroule la procédure ?

1. **Signature de l'offre** : l'offre de l'entreprise doit être signée au plus tard le **31.12.2029**. Le mandat pour le préfinancement est signé au même moment.
2. **Introduction de la demande** : l'entreprise enregistrée introduit la demande de préfinancement auprès du ministère de l'Économie sur myguichet.lu.
3. **Installation de l'équipement** : une fois la demande approuvée, l'installation est réalisée. L'installation doit fonctionner en **mode autoconsommation**.
4. **Facture finale** : le montant préfinancé ainsi que les **acomptes versés** sont directement déduits. Les clients ne paient que le solde restant.
5. **Versement et attestation** : l'entreprise reçoit la subvention au plus tard quatre semaines après l'introduction de la demande. L'entreprise et le client reçoivent une attestation mentionnant le montant accordé, permettant au client de solliciter d'éventuelles **aides communales** complémentaires.

Scannez le code QR pour plus d'informations sur le préfinancement

klima agence

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

**Conseil indépendant et gratuit**
klima-agence.lu • 8002 11 90




# Die Heubörse für Luxemburg

## Finden Sie das perfekte Heu für Ihre Tiere, unterstützen Sie regionale Heuanbieter!



- **Anzeigen aufgeben**: Gesuch für Qualitätsheu – einfach & kostenlos
- **Heuanbieter in Ihrer Nähe finden**: Die besten Angebote schnell auf einer interaktiven Karte finden
- **Gezielte Suche**: kräuterreiches Heu, Bio-Qualität, Ballenformat & -größe und zahlreiche weitere Filtermöglichkeiten
- **Direkte Kontaktaufnahme**: Angebote vergleichen & individuelle Vereinbarungen mit Verkäufern treffen
- **Regionale Heuwirtschaft stärken**: Kaufen Sie direkt bei Landwirten aus Luxemburg





Durch den Kauf von kräuterreichem Heu von **extensiv genutzten Wiesen** (ohne Düngung und Pestizide, später Mahdtermin, Fläche unter Vertragsnaturschutz) unterstützen Sie die Erhaltung unseres artenreichen Grünlandes. Dieses Heu eignet sich gut für die **Fütterung von Pferden, Jungvieh, Mutterkühen sowie für Kleintiere wie Kaninchen oder Meerschweinchen**.

hier geht's zur Webseite

**Melden Sie sich kostenlos an und finden Sie das passende Heu für Ihre Tiere!**

zesummen aarteräicht Gréngland erhalen

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité

SICONA Naturschutzsyndikat

Die Heubörse wird durch das Naturschutzsyndikat SICONA mit der finanziellen Unterstützung des Ministeriums für Umwelt, Klima und Biodiversität betreut.



# AKTIOUN PÄIPERLEK 2026


## PAQUET GRATUIT DE VIVACES SAUVAGES

Dans le cadre d'**Aktioun Päiperlek**, SICONA a choisi six plantes vivaces sauvages indigènes d'origine luxembourgeoise certifiée particulièrement attrayantes comme plantes nectarifères pour les papillons et autres insectes. Vous pouvez commander un paquet de ces plantes vivaces gratuitement **à partir du 1er avril 2026** sur **www.sicona.lu**. Attention : les paquets sont limités – **first come, first served** !

**La commune de Pétange** propose à ses habitants de venir récupérer leurs plantes vivaces au « **Kuerbuttek** », **de 8h00 à 16h00**, durant les périodes suivantes : **du 05.05 au 08.05 et du 11.05 au 12.05.** (32, rue Pierre Hamer - 4737 Pétange).

Si cela ne vous convient pas, la distribution aura lieu début mai **de 16:00 à 18:00** aux points de distribution suivants :

- **05.05.2026 :** Schifflange, Parking Hall Polyvalent, 1A, Chemin de Bergem
- **05.05.2026 :** Bissen, Parking Hall Frounert, 10, rue de la Laiterie
- **05.05.2026 :** Olm, Salle des fêtes, 10, rue de Capellen
- **06. – 08.05.2026**, **8:00 – 12:00** et **13:00 – 16:30**: Olm, bâtiment SICONA




**ATTENTION :** Cette offre s'adresse aux habitants des **communes membres de SICONA**. En cas de stock restant, les habitants des communes non membres peuvent obtenir un paquet contre payement.

# Invasiv an onnatierlech Matbewunner

Niewent eise Spazéierweeër kommen ëmmer rëm Aarten op, déi sech invasiv an eise Bëscher an Naturlandschaften verbreeden. Dës Matbewunner sinn net heemesch a passen net an eis Ëmwelt. Sie brauchen enorm vill Zäit fir sech rëm ze zersetzen, woubäi dat bei verschiddene Gattungen nach ganz aner Problemer mat sëch zitt. Dobäi ass et de Mënsch selwer den dës Aarten bewosst oder onbewosst an d'Natur brengt. Hei drënner e puer Beispiller:



**De Glasbeenege Schluppert**
**Pochard aux jambes de verre**
*Schluppoli infractus*




**Den Hopfege Raschtröhrling**
**Bolet roux houblonnée**
*Boletus fermentum raschticus*



**D'Feieregt Dausendblietchen**
**Millefeuille brûlante**
*Millefolium nicotiana*



**De Giele Banannallimasch**
**Bananarmillaire couleur de miel**
*Bananicum rutschi*



**De Schläimegen Nuespäiperlek**
**Papillon nasal visqueux**
*Papilio saliva*



**De Gewéinleche Pëtrolporling**
**Polypore de pétrole commun**
*Tutto male*

Hëlleft eis d'Verbreedung vun dësen Aarten anzeschränken. Vill vun hinne loossen sech ganz einfach „plécken" an zréck an hieren natierleche Liewensraum bréngen, der Dreckskëscht. Schlëmm Verschmotzunge kënnt Dir och der Gemeng iwwer d'City-App mam Module „Report-it" mellen. D'Gemeng seet Iech Merci fir Är Hëllef.

# AGENDA
## Avril - Mai

**02.04.**
### ASSEMBLÉE GÉNÉRALE EXTRAORDINAIRE
Ufank: 18.00 Auer
Péiteng,
Maison de la culture
'A Rousen'
Org.: Syndicat d'Initiative et de Tourisme de la Commune de Pétange

**04.04.**
### CHASSE AUX OEUFS DE PÂQUES
14.00 - 18.00 Auer
Péiteng,
Parc Municipal
Théophile Kirsch
Org.: Syndicat d'Initiative et de Tourisme de la Commune de Pétange

**11.04.**
### JOURNÉE CULTURELLE
Lamadelaine, Centre de loisirs
9.00 - 22.00 Auer
Org.: Les Enfants d'Alice

**15.04.**
### AWEIUNG 2026 – CONCERT DES ENSEIGNANTS
Péiteng,
Centre musical
et culturel Korus
Ufank: 19.00 Auer
Fräien Entrée
Org.: Ecole de musique de Pétange
https://www.museksschoul.lu/

**18.04.**
### AWEIUNG 2026 – KLEIN
Péiteng, Centre musical
et culturel Korus
Ufank: 20.00 Auer
Fräien Entrée
Org.: Ecole de musique de Pétange
https://www.museksschoul.lu/

**24.04.**
### ASSEMBLÉE GÉNÉRALE
Ufank: 19.30 Auer
Lamadelaine, Centre de loisirs
Org.: Hobby 81 Lamadelaine

**24.04.**
### AWEIUNG 2026 – CONCERT DES ENSEIGNANTS DE PIANO
Péiteng, Centre musical
et culturel Korus
Ufank: 20.00 Auer
Fräien Entrée
Org.: Ecole de musique de Pétange
https://www.museksschoul.lu/

**03.05.**
### PLOGGING – PICK UP AND RUN
Ufank: 10.00 Auer
Rendez-vous:
Parking 'Cimetière'
1, rue Prinzenberg
L-4773 Pétange
Org.: CA Red Boys - UA Pétange

**06.05.**
### MARCHÉ MENSUEL
8.00 - 12.00 Auer
Péiteng, Place J.F. Kennedy
Org.: Association des professionnels des foires et marchés asbl

**06.05.**
### AWEIUNG 2026 – BRASS BAND – CONSERVATOIRE ESCH-SUR-ALZETTE
Péiteng, Centre musical
et culturel Korus
Ufank: 19.30 Auer
Fräien Entrée
Org.: Ecole de musique de Pétange
https://www.museksschoul.lu/

**10.05.**
### AWEIUNG 2026 – DE KAPITÄN MULLEBUTZ A SENG SÉISSWAASSER-MATROUSEN
Péiteng, Centre musical
et culturel Korus
Ufank: 16.00 Auer
Fräien Entrée
Org.: Ecole de musique de Pétange
https://www.museksschoul.lu/

**10.05.**
### ASSEMBLÉE GÉNÉRALE
11.00 - 14.00 Auer
Péiteng, Maison de la culture
'A Rousen'
Org.: EmergencyVolunteerAid Team asbl. (E.V.A.T.)

**15.05.**
### CONCERT « MUSIC&FRIENDS » LUXEMBOURG – SUISSE
Péiteng, Centre musical
et culturel Korus
Ufank: 19.00 Auer
Entrée: 10€
Org.: Société Chorale Lamadelaine

## PABEIERSAMMLUNG AN DER GEMENG PÉITENG

**Tour 1: 11.04., 02.05.**
**Tour 2: 10.04., 22.05.**
**Tour 3: 17.04., 29.05.**



**Nëmme Päck ënner 10kg gi matgeholl!**
**D'Pabeierpäck oder d'Kartongs-këschten dierfen och net a Plastikstuten agewéckelt sinn!**

Org.: Guiden a Scouten Péiteng
Gemeng Péiteng

## Ausstellung - Exposition
## KULTURHAUS „A ROUSEN"

place du Marché zu Péiteng

**24.04. – 26.04.**

### GROUPE HOBBYKËNSCHTLER LËTZEBUERG

Ouverture au public :
de 14h00 - 18h00

Entrée libre

Org. : Syndicat d'Initiative
et de Tourisme de la
Commune de Pétange




**16.05., 17.05.**

## MARCHÉ AUX PUCES

Sa: 14.00 - 18.00 Auer

So: 10.00 - 18.00 Auer

Lamadelaine, Centre de loisirs

Org.: Hobby 81 Lamadelaine

**21.05.**

## CONFÉRENCE SUR LE RACISME

Péiteng, Maison de la culture 'A Rousen'

Ufank: 19.00 Auer

Org.: déi Lénk Section Pétange

**21.05.**

## AWEIUNG 2026 – PÉITENGER MUSEKSSCHOUL COMBO

Péiteng, Centre musical
et culturel Korus

Ufank: 19.00 Auer

Fräien Entrée

Org.: Ecole de musique
de Pétange

**25.05.**

## RANDONNÉE MARCEL ERNZER

Rodange,
terrain de football am DOIHL

8.00 - 18.00 Auer

Org.: Union Cycliste Rodange

**29.05.**

## RÉUNION MENSUELLE

Rodange – Rodange, Sportshal

Ufank: 17.00 Auer

Fräien Entrée

Org.: Cercle Philatélique
Rodange

**31.05.**

## MAMMENDAGSFEIER

Péiteng, Maison de la culture 'A Rousen'

15.00 - 18.00

Org.: Coin de Terre et
du Foyer Pétange

**27.04., 18.05.**

## BICHERBUS

Péiteng, Place J.F.Kennedy
vun 11.15 bis 11.45 Auer

Rodange bei der Sportshal
Rue Jos Moscardo
vun 13.15 bis 14.15 Auer

Gratis Bicher,
Audio-Bicher
an DVDe léinen

Info iwwer
Tel.: 80 30 81
(Romain Kayser)
oder per
E-Mail: bicherbus@bnl.etat.lu

Um Internet ënner:
https.//cutt.ly/ewKPTuE

Org.: Kulturministère

## WAX KONSCHTMILLEN

2, rue d'Athus · L-4710 Pétange

**Cabarets & Concerts um "Späicher" vun der Konscht-Millen**

**22.04.**

## MARS APPROCHE – COVER BAND

Ufank: 20.00 Auer

Entrée : 15€

Au programme :
aussi bien de la valse musette que des morceaux pop-rock. Un programme diversifié qui fera certainement le bonheur de tout chacun.

Réservations par courriel :
info@konschtmillen.lu

www.petange.lu

**Musikalesch Événementer:**

## PÉITENGER MUSEKSSCHOUL

Korus - Centre Musical et Culturel - 50, rue Batty Weber, Péiteng

**Abrëll - Mee Highlights:**

| Datum | Événement | Auerzäit | Plaz |
|---|---|---|---|
| 13.05 | Audition Classe de Cuivres | 18h00 | Korus |
| 20.05 | Audition Classe de Violon | 18h00 | Korus |

## CLUB KORDALL AKTIV

### AGENDA

27-29, rue Michel Rodange
L-4660 Differdange

Umeldungen an Aschreiwungen iwwer
Tel. +352 26 58 06 60

Iwwerweisung vun de Rechnungen op de Konto
CCPLLULL
LU91 1111 1007 2640 0000

### 07.04. Visitt Téi vum Séi

**Ufank:** 20.00 Auer

**Präis:** 34€

**Restaurant:**
op der Plaz ze bezuelen

### 10.04. Irish Celtic Casino Mondorf

Gitt mat eis zesummen dëse flotte Spektakel ukucken, eng flott Geschicht aus iresch/keltescher Musik, Gesang an Danz.

Mellt Iech séier un, well d'Plaze si limitéiert.

**Entrée:** 43€

**Bus:** 18€

### 17.04. Trëppeltour mat de Päerd

E schéinen Nomëtten an der Natur mat de Päerd.

No der Wanderung vun ongeféier 6 km hu mär d'Méiglechkeet d'Päerd ze botzen an ze fidderen.

Uschléissend genéisse mär nach eng gutt Taass Kaffi an e Stéck Kuch.

**Participatioun:** Gratis

**Bus:** 10€

**Rendez-vous:**
13h45 Parking Plateau des Hauts Fourneaux Oder
14h00 Parking beim Rouden Haff

**Inscriptioun - Inscription**
26 58 06 60

## WAS IST LOS IN DER GEMEINDE SCHIFFWEILER?

### 12.04. FÜHRUNG "OHNE BERGLEUTE KEINE INDUSTRIE"

Standortführung über das Gelände des Erlebnisort Reden.

Treffen um 10.00 Uhr

Teilnahme: 7€

Unter dem Motto „Ohne Bergleute keine Industrie" spazieren Sie durch die einmalige Welt des Erlebnisort Reden, erfahren Interessantes über den Bergbau und lernen die Geschichte der Grube Reden kennen. Erfahren Sie mehr über das Leben der Bergleute und welche Wirkung sie für das Land bedeutet haben.

### 01.05. SCHLEMMER-MARKT MIT OLD- & YOUNGTIMER-TREFFEN

Schlemmen, Staunen und Genießen beim Schlemmer-Markt.


Beim Schlemmer-Markt erwartet die Besucherinnen und Besucher ein besonderes Highlight: Rund um die Große Werkstatt findet ein Oldtimer- und Youngtimer-Treffen statt – ein Muss für alle Auto-Liebhaber! Über 100 liebevoll gepflegte Klassiker laden zum Staunen, Entdecken und Fachsimpeln ein.

Dazu gibt es Livemusik von vier talentierten Singer/Songwritern und einen Schlemmermarkt der Extraklasse: 15 Foodtrucks und Spezialitätenstände sorgen für kulinarische Vielfalt – von herzhaftem Spießbraten, Pita, Kalamari und Sandwiches bis hin zu süßen Crepés, Eis-Spezialitäten und exotischen Cocktails.


Der Eintritt ist frei.

Weitere Infos auf folgender Seite: https://www.schiffweiler.de/aktuelles-veranstaltungen/termine


AFTERWORK
&
PARTY
télévie
Rodange
Free Entry
Free Entry
25 JOER
2001 - 2026
FANTA P.
DJ LORO
PLACE JOS MOSCARDO - RODANGE
FREIDES, 17 ABRËLL 2026
18H00 - 01H00
pétange
FIR IESSEN A GEDRÉNKS
ASS NATIERLECH GESUERGT !



Sa 16.05.2026 | 10h00 - 15h00
Péitenger Museksschoul
Journée
Portes
Ouvertes
Inscriptions
Aschreiwungen
museksschoul.lu
Péitenger Museksschoul
pétange


pétange
nopesch
fest
la fête des voisins
22/05/26
23/05/26
24/05/26
nopeschfest.lu
Mellt Iech hei un:
ASTI
Zësumme liewen
LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil
SYVICOL
Syndicat des Villes et Communes Luxembourgeoises



31 März - 14. April 2026

# KUNST AUSSTELLUNG



**Geöffnet von Montags bis Freitags**
**10.00 bis 16.00 Uhr**

**Samstags und Sonntags**
**10.00 bis 12.00 Uhr**



**Freier Eintritt**



# Walter Bernstein

**Gallerie Schiffweiler**
**Kulturhaus “A Rousen”, Petingen**




COMMUNE DE PETANGE & ATTITUDE MUSIC PRESENT:
PETANGE IS METAL
IV
WARFIELD
PRAETOR
ABSTRACT RAPTURE
SERPENTIBUS
FULL THROTTLE BABY
4.04.2026
HOME ST HUBERT
DOORS: 17:30
FREE ENTRANCE
ATTITUDE
pétange
MOTIVATION COMMUNE

télévie Rodange

pétange
MOTIVATION COMMUNE

FIR EE GUDDEN ZWECK
GEMENG PÉITENG A.S.B.L.

# Télévie - Dag

# 2026

# 17-18 Abrëll




**Centre de promesses permanent**

## Rodange

**rue Jos. Moscardo**
**An a ronnerëm der Sportshal**

bancomat an der Keess

**Fir Iessen a Gedrénks ass déi zwee Deeg beschtens gesuergt**

## Freides, 17.04 :

- The Heart on Fire - ab 18h00 AfterWork Party
- Dj'en: Fanta P., Loro

fräien Entrée

## Samsdes, 18.04 :

**Animatiounen a Scheckiwwerrechungen de ganzen Dag zb:**

DHL
Télévie - Tour



Kiwanis- Bus

10h45 - 13h15
LUXEMBOURG SONG CONTEST

ZChicas

UNION CYCLISTE RODANGE
Velostour



Irem



Steve Castile



Hugo One

Trakterfrenn

MOTO-CLUB KAYLDALL MCK LUXEMBOURG
Stärentour

- Expo Autoen
- Bastelatelier + Face Painting
- Kannerspillplatz

a villes méi

Avant Garde Rodange

Plooschter Projet



DJ Kornell

Parkhaus
Gratis Parking am Parkhaus Zougang iwwert de Broucker Wee

RTL
de ganzen Daag um Site

**Grousse Scheck um 21h00**

De ganzen Dag duerch de Programme féiert:
**CLAUDE F.**

Like us on Facebook facebook.com/TelevieRodange

# CHARITY
# DINNER 2026

## 7, 8 & 9 mai 2026

**à 19 heures dans le Hall Paul Wurth au Fond-de-Gras**




**Informations sur: www.charity-dinner.lu**

pétange
MOTIVATION COMMUNE

Rotary Bascharage-Kordall

BASCHARAGE KORDALL

# PÉTANGE

MUSIC FOOD DRINKS

PUBLIC VIEWING
COUPE MONDIALE

# AFTER WORK BEIM WAX

17:00-22:00

04.06 / OPENING - THE MUSKETEERS

11.06 / AMANI BY FLEX ORLANDO & FREEZY

18.06 / ROAD TO ZION - DJ NOBREGA

22.06 / VIROWEND NATIONALFEIERDAG (AB 18:00 BIS 24:00)

25.06 / 90s/2000s BY DJ BEN LEO & FRIENDS

02.07 / LET THE DRUMS TALK - MANLORENZZ & MIRKO_DRUMWAVE

09.07 / CHEYENNE JANAS

12.07 / CLOSING - ALL REITZ RESERVED - APEROL HITS COVERBAND (AB 16:00)

Méi Infoen op:
**www.petange.lu**

Eldoradio

Pétange Motivation Commune an Du

WARM-UP: DJ MILES, RAYZON

# Wat war lass?

**24.01.2026** - *Am Kader vun der „Journée internationale du sport féminin“ hat d’Gemeng am Sportzenter Bim Diederich Kampfsportveräiner aus der Gemeng Péiteng an doriwwer eraus begréisst, déi sech gezielt dofir engagéieren, datt Fraen sech besser verdeedege léieren. Och d’Police war mat hirem „Self-Defense Club“ mat enger Ekipp op der Plaz vertrueden. Eng flott Aktioun, fir Stäerkt, Selbstvertrauen an Gläichberechtegung duerch de Sport ze férderen.*


















**30.01.2026** - *An der Maison de la Culture "A Rousen" waren d'Péitenger Veräiner invitéiert, fir iwwer Neierungen an iwwert de Manifestatiounskalenner vun der Gemeng informéiert ze ginn. Och iwwert de Pakte du Vivre Ensemble konnt een sech informéieren.*

**13.02.2026** - *Mir haten d'Éier, déi brittesch Ambassadrice Joanne Olivier zu Péiteng begréissen ze dierfen. Si gouf vum Schäfferot offiziell empfaangen an huet sech am gëllene Buch vun der Gemeng agedroen. Am Uschloss krut si eise flotten touristesche Film am Sëtzungssall gewisen, fir e besseren Abléck an d'Liewen an d'Dynamik vu Péiteng ze kréien. Duerno stoung e klenge Tour duerch d'Gemeng um Programm, mat Visite beim Korus, beim Audeo, bei Radio PoA, am Centre QT, an der PiKo Schwämm souwéi beim Wax. Et goufen interessant Gespréicher gefouert. Eng schéi Geleeënheet fir den Austausch ze stäerken.*









# CAVALCADE 2026
























CHURROS
confiserie coné












MAŠKARADA
TIVAT
MONTENEGRO
sudenergie.lu

**01.02.2026** - *Sonndes, den 1. Februar, huet de MEGA KANNERBAL vum KaGePe an der AAPPCP zu Lamadelaine am Centre de Loisirs stattfonnt, wou bei beschter Stëmmung d'Kannerprënzekoppel – Prënz Nicolas I a Prinzessin Chiara I – gewielt ginn ass. D'Atmosphär war einfach super, an d'Kanner haten immens vill Spaass bei de ville Spiller, déi zesumme gespillt goufen.*















**13.02.2026** - *Jo, den 13. Februar war et nees esou wäit: D'Gecke kruten – ganz offiziell – de Schlëssel vun der Péitenger Gemeng aus den Hänn vum Buergermeeschter iwwerreecht. Eng Traditioun, op déi sech all Joer vill Leit freeën, an dëst Joer war d'Freed natierlech nees immens grouss. D'Prënzekoppel Andy I a Lis I – a Begleedung vun der Kannerprënzekoppel – waren natierlech houfreg wéi ni, wéi si hir nei „Reegelen" virgestallt hunn. Eng Iwwerreechung voller Spaass, Faarf a gudder Laun – genee esou, wéi d'Fuesent soll sinn!*



**25.02.2026** - *Am Home St Hubert zu Péiteng huet eng flott an interessant KI-Konferenz mam Dr. Serge Linkels stattfonnt. An enger spannender Presentatioun huet hien d'Chancen an d'Erausfuerderunge vun der kënschtlecher Intelligenz am Alldag erklärt a mat ville konkrete Beispiller illustréiert.*





# BUERGBRENNEN | PÉITENG LAMADELAINE - RODANGE





*21.-22.02.2026* - *Zu Péiteng, Rolleng a Rodange gouf och dëst Joer nees d'traditionellt Buergbrennen gefeiert – eng Traditioun, mat där de Wanter symbolesch fortgejot gëtt. Och wann d'Wieder sech net ëmmer drun hält, ass et op alle Fall e festlechen Ufank fir d'Fréijoer! Zu Péiteng hunn d'Guiden a Scouten d'Organisatioun an d'Opbau vum Feier iwwerholl, wärend zu Rolleng d'Pompjeeën an zu Rodange d'Amicale Nidderréidеng déi mat vill Asaz d'Buergen opgeriicht hunn. Egal op mat enger Fackel an der Hand oder als Zuschauer am Hannergrond, d'Participanten hunn d'Evenement genoss an zesummen ee flotte Moment verbruecht.*




















# AWEIUNG KORUS




**27.02.2026** - *No laanger Bauzäit goufen de Centre musical et culturel Korus an déi nei Péitenger Museksschoul feierlech ageweit. D'akademesch Sëtzung gouf musikalesch vun de Schüler aus der Péitenger Museksschoul encadréiert. Den Owend ass mat engem Concert vum Orchestre de Chambre du Luxembourg ënnert der Direktioun vum Fabrizio Ventura ofgeschloss ginn, mam Pianist Francesco Tristano als Solist.*


















© Pixxel.lu / Laurent Blum

# KAPESËTZUNG







**28.02.2026** -
*D'Kapesëtzunge vum KaGePe hunn och dëst Joer erëm fir véier Owender voller Humor, Dänz a Musek gesuergt. Mat witzegen Sketcher, dynameschen Dänz a maträissender Musek gouf dem Public eng flott Show gebueden, déi fir vill gutt Laun an onvergiesslech Momenter gesuergt huet.*










KARNEVAL




Ka
Ge
Pe









**18.02.2026** - *Den 18. Januar huet an der Sportshal zu Rodange eng karitativ Zumba-Manifestatioun fir de Télévie-Rodange stattfonnt, organiséiert vun de ZChicas Luxembourg an Zesummenaarbecht mat der Gemeng Péiteng. Als spezielle Gaascht war de bekannten Zumba-Presentateur Kalidou Diallo vu Paräis dobäi, dee mat senger Energie de Public begeeschtert huet. a fir eng waarm, solidaresch Atmosphär gesuergt – ganz am Zeeche vun Zesummenhalt a Solidaritéit fir de Télévie. Eng gelongen Initiativ am Zeeche vum Zesummenhalt an am Kampf géint de Kriibs.*
















# AQUAKINO AN DER PIKO

**28.02.2026** - *Den 28. Februar 2026 huet sech d'PIKO an eng eenzegaarteg Kino-Welt verwandelt – Filmer kucken am Waasser! Den Ustuerm war riseg an d'Stëmmung top! DJ, Niwwelmaschinn a beschte Vibes de ganzen Nomëtteg an Owend. Mat 50 Inselen am Baseng konnt ee gemittlech chillen a genéissen. E grousse Merci un de Cercle Nautique vu Péiteng fir d'Sécherheet ënner Waasser! Merci un all déi dobäi waren – mir freeën eis schonn op déi nächst Editioun!*













# BEAUTY DAY 2026



**08.03.2026** - *Internationale Fraendag – um 8. Mäerz, e Samschdeg ganz am Zeeche vun der Fra! An der Maison de la culture "A Rousen" zu Péiteng gouf d'Kraaft, d'Schéinheet an d'Selbstvertraue vun de Frae gefeiert. Tëscht Wuelbefannen, Beauty an Empowerment konnten d'Visiteure ë. a. Coiffure- a Beauty-Berodungen, Manikür, Massagen, Make-up-Workshops an eng kleng Fotosessioun genéissen. E grousse Merci un all d'Participanten an un all déi Fraen, déi dësen Nomëtteg esou speziell gemaach hunn.*













**08.03.2026** - *De Concert mam Luxembourg Jazz Orchestra am Korus war e musikaleschen Highlight. Den dynameschen Ensemble, gegrënnt viru méi wéi 30 Joer an ënnert der Leedung vum Ernie Hammes, huet mat enger impressionanter Mëschung aus Virtuositéit, Improvisatioun a kreativen Jazzkläng d'Publikum begeeschtert. Mat engem Programm, deen traditionellen Jazz mat modernen Aflëss verbënnt, huet den Orchester eng onvergiesslech Atmosphär geschaf. Um Piano war de Luca Sales an um Saxophon de Joël Metz ze héieren – allebéid Enseignanten an der Péitenger Museksschoul.*
















**14.03.2026** - *Zu Péiteng gouf offiziell de Jumelage tëscht der Gemeng Péiteng an der montenegrinescher Gemeng Tivat ënnerschriwwen. D'Buergermeeschteren hunn dëse wichtege Schrëtt fir eng zukünfteg Zesummenaarbecht besigelt, feierlech encadréiert vun der Péitenger Harmonie mat den zwou Nationalhymnen. Eng Delegatioun aus Tivat war och bei der Péitenger Cavalcade dobäi – e schéint Zeeche vun enger neier Frëndschaft tëscht den zwou Gemengen.*













**14.03.2026** - *De 14. Mäerz huet d'Jeff Herr Corporation de Public am Korus begeeschtert. Nieft dem Batteur a Bandleader Jeff Herr stoungen de Maxime Bender um Saxophon an de Pol Belardi op elektrescher Bass a Synthesizer op der Bün. Mat hirem moderne Mix aus Jazz, Improvisatioun an elektronesche Kläng huet den Trio fir eng intensiv a faszinéierend Atmosphär gesuergt.*









# Mir gratuléieren!



## Diamanten Hochzäit

Et ass scho 60 Joer hir zënter de **Serge Groos** an d'**Yvette Desloges** bestuet goufen. Elo hunn si hir Diamanten Hochzäit gefeiert an hunn och hiert Verspriechen vu viru 60 Joer a Presenz vum Schäfferot erneiert a krute fir hire groussen Dag déi bescht Wënsch iwwerbruecht.

## Gëllen Hochzäit

Viru 50 Joer hu sech den **Giuseppe Cappellaro** an **d'Marie Françoise Mander**, déi zënter e ville Joren zu Rodange wunnen, d'Jo-Wuert ginn. E Verspriechen, datt si elo no engem hallwe Joerhonnert widderholl hunn an och weiderhi wäerte wierdegen. Vum Schäfferot kruten si, ëmgi vunn hire Kanner an Enkelen, déi bescht Wënsch mat op de Wee.






Enn Januar gouf d'Madamm **Anna Weintzen-Wagner** 90 Joer jonk. Dëse ronne Gebuertsdag huet si zu Péiteng an der Seniorie St Joseph gefeiert, wou si elo doheem ass. Ëmgi vu Familljememberen huet si och déi beschte Wënsch vun der Direktioun, dem Fleegepersonal, der Amicale vun der Seniorie a vu Memberen aus dem Péitenger Schäfferot, déi hir e schéine Kaddo matbruecht haten, entgéintgeholl.



Viru kuerzem huet d'Madamm **Ida Printz-Pontone** vu Péiteng hiren 90. Gebuertsdag gefeiert. Ëmgi vun hirer Famill a Memberen aus dem Péitenger Schäfferot huet si sech et net huele gelooss, mat hinnen all unzestoussen. Dat, nodeems si vu jidderengem déi bescht Wënsch an eng gutt gefëllte Corbeille vum Buergermeeschter entgéintgeholl hat. No engem schéine Gedicht an dem offizielle Ständche stoung natierlech och nach den obligate Gebuertsdagspatt um Programm – e flotte Moment fir ze feieren an zesummen ze schwätzen.

Op gutt 9 Joerzingte konnt d'Madamm **Denise Vivani-Prescuitti** dëser Deeg zeréckkucken ewéi si hire Gebuertsdag gefeiert huet. Ëmgi vun hirer Famill a Memberen aus dem Péitenger Schäfferot huet si sech et net huele gelooss, mat hinnen all unzestoussen. Dat, nodeems Si vu jidderengem déi bescht Wënsch an eng gutt gefëllte Corbeille vum Buergermeeschter entgéintgeholl hat.





Viru kuerzem hiren d'Madamm **Marie-Louise Putzeys-Zeimes** vu Péiteng hiren 90. Gebuertsdag gefeiert. Vertrieder vum Schäfferot hunn d'Gebuertsdagskand mat enger schéiner Corbeille voll gudder Saachen iwwerrascht an och déi bescht Wënsch fir dëse groussen Dag matbruecht. Nom offizielle Ständche stoung nach den obligate Patt um Programm.




An der Seniorie St Joseph zu Péiteng huet et nees eng Kéier „Happy Birthday“ geheescht, wéi d’Madamm **Vellia Gaspari-Pesetti** hiren 90. Gebuertsdag gefeiert huet. Ëmgi vu Familljememberen huet si d’Gléckwënsch vu Vertrieder vun der Direktioun, dem Fleegepersonal, der Amicale an och vum Schäfferot, deen si mat enger gutt gefëllter Corbeille iwwerrascht huet, entgéintgeholl. Uschléissend goufen et selbstverständlech e klenge Ständchen an e Pättchen zu hiren Éieren.








# Rue Guillaume : un nouvel aménagement pour plus de qualité de vie

La rue Guillaume à Pétange fera prochainement l’objet d’un important projet de renouvellement de l’aménagement urbanistique. Avec ce projet, la commune souhaite expérimenter une nouvelle approche de l’espace public, où la qualité de vie des habitants et le partage de la rue en tant que zone de rencontre occupent une place centrale.

La rue sera aménagée en zone de rencontre avec une vitesse limitée à 20 km/h. Dans ce type d’aménagement, piétons, cyclistes et voitures partagent le même espace, ce qui favorise une circulation plus apaisée et un environnement plus convivial pour les riverains.

Le projet prévoit également de nombreux îlots de verdure, des surfaces drainantes et un système innovant de gestion des eaux pluviales permettant à l’eau de pluie de s’infiltrer naturellement dans le sol. Ces aménagements rendent la rue non seulement plus agréable, mais aussi plus durable et climatiquement plus neutre.

Malgré ces transformations, le nombre de places de stationnement restera inchangé, avec 22 emplacements.

Avec ce projet, la commune de Pétange souhaite créer une rue plus verte, plus sûre et plus agréable à vivre, qui s’intègre harmonieusement et inovativement dans le quartier et profite à tous ses habitants.



24. Abrëll 2026 zu Esch-Uelzecht

**JOYEUSE ENTREE**

AM MINETT

## Joyeuse Entrée – Ville d'Esch

Le vendredi 24 avril 2026, la Ville d'Esch vibrera au rythme de la Joyeuse Entrée de Leurs Altesses Royales le Grand-Duc et la Grande-Duchesse.

En accueillant cet événement au nom de la région du Minett, cette manifestation symbolique constitue un moment privilégié de rencontre avec les habitants de toute la région.

### Programme

- **Belval :** accueil du public dès 15h, arrivée du couple grand-ducal vers 16h
- **Place de la Résistance :** grande fête populaire sur le thème du cirque de 16h à 20h, arrivée du couple grand-ducal vers 17h

Tous les habitants de la région du Minett sont chaleureusement invités à se joindre aux festivités et à célébrer ensemble cet événement dans une ambiance conviviale.




Vum 9. Februar 2026 un kënnt Dir Är Gemenge-Rechnungen direkt an Ärem MyGuichet-Konto kréien.

### Wichteg ze wëssen :

- Dir kënnt d'Optioun selwer op MyGuichet aktivéieren oder desaktivéieren.
- Soubal d'Optioun aktivéiert ass, ginn all Är Gemenge-Rechnungen automatesch op MyGuichet geschéckt.
- Är Gemenge-Rechnunge vun de leschte 5 Joer bleiwen an engem Archiv disponibel.
- Dir kënnt zu all Moment erëm zeréck op de traditionelle Modus wiesselen (z.B. per Post).

Dëse Projet gëtt zesumme mam CTIE, der Stad Lëtzebuerg (VdL) an dem SIGI ëmgesat.

## Nei Mataarbechter



Zënter dem 1e Mäerz 2026 gehéiert de **Bryan Hollerich** zur Ekipp vum Service Maisons Relais vun der Gemeng Péiteng.

# La violence n’est pas une affaire privée

La subir n’est ni normal, ni banal



**Personne n’a à souffrir de violences domestiques, d’attaques verbales et physiques.**

## IL Y A DE L’AIDE !

Le Ministère de l’Égalité des genres et de la Diversité est mobilisé avec les services d’aide et d’assistance pour assurer l’accompagnement.

En cas d’urgence, contactez la Police au 113.

**HELPLINE VIOLENCE DOMESTIQUE - 2060 1060**

violence.lu

@luxembourgmega

mega

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l’Égalité des genres
et de la Diversité

# CONCOURS

## Wéi gutt kennt Dir Är Gemeng?





**Wësst Dir wat wou op dës Foto geholl gouf? Test Är Kenntnisser a gewannt e flott Buch!**

### An esou geet et:

Schéckt eis Är Äntwert (de ganzen Numm an d'Adress w.e.g.) eran, a mat e bësse Chance sidd Dir ee vun eisen 3 Gewënner déi an der nächster Editioun veröffentlecht ginn! Vill Spaass beim Roden!

*Mailt eis Är Äntwert eran op*
**concours@petange.lu**

*oder schéckt eis se per Post op dës Adress:*
**Service Culture et Communications**
**2, Place du Marché**
**L-4756 PÉITENG**

### Opléisung vun der leschter Editioun:

**Gemengt war d'Viviane Daman.**

Si gouf 1954 an der Stad gebuer. Si huet hir Schoulen zu Nidderkuer an zu Esch-Uelzecht gemaach an huet duerno als Enseignante an de Grondschoule vun der Gemeng Péiteng geschafft, ier si eng Librairie zu Esch-Uelzecht iwwerholl huet. Zënter dem Joer 2000 schreift si Kannerbicher op Lëtzebuergesch, meeschtens Detektivgeschichten awer och Texter iwwer d'Gemeng Péiteng.

**D'Gewënner aus der leschter Editioun sinn:**

- Peggy Lommel vu Péiteng
- Margot Flammang vu Lamadelaine
- Conny Goerend-Muller vu Rodange

**D'Gewënner kënnen hiert Buch bei de Service Culture et Communcations siche kommen. Merci fir d'Matmaachen!**








All éischte vum Mount eng nei Emissioun iwwert an aus der Gemeng Péiteng.

Ze gesinn op eisem Youtube Kanal, eiser Internetsäit, op all eise Social Media Kanäl an esouguer op apartTV.

www.petange.lu/mediatheque/videos/
Commune de Pétange commune.de.petange
Gemeng Péiteng - Commune de Pétange

pétange MOTIVATION COMMUNE an Du

www.petange.lu

# Das Korus



© Johannes-Maria Schlorke

Petingen hat ein neues Haus für Kultur.

Es heißt Korus.

Darin gibt es einen Konzert-Raum und die Musik-Schule.

Die Mauer vom Haus ist aus Terrakotta-Steinen.

Es sind große Fenster im Haus.

Man kann die Musik-Schule durch die Fenster sehen.

Das Haus ist modern.

Es gibt einen großen und hellen Raum im Haus.

Direkt wenn man in das Haus hinein kommt ist man im Eingangs-Raum.

In der Mitte steht eine breite Treppe.





Über der Treppe ist ein Glas-Dach.

Auf der Etage 0 gibt es einen Warte-Raum für Schüler und Eltern.

Dort gibt es auch eine kleine Getränke-Bar.

Von hier aus sieht man die Musik-Räume.

Es gibt Räume für Schlag-Zeug und Musik-Unterricht.



Die Treppe führt auf die Etage 1.

Dort sind weitere Musik-Räume.

Dort sind auch die Büros von der Musik-Schule.

Es gibt einen Lift im Haus.

## Der Konzert-Raum ist auf der Etage 1.

Er ist der Haupt-Raum von dem Haus.

Hier sind Konzerte, Theater und Präsentationen.

Die Decke (Plafond) im Raum ist geformt wie eine Welle.

Goldene Sachen geben dem Raum eine warme Stimmung.

Der Raum ist so gebaut, dass die Musik gut klingt.





Vicente et fils

Les ECURIES du PARC Clervaux

TRAIN 1900

MINETT PARK PARC INDUSTRIEL, NATUREL ET FERROVIAIRE FOND-DE-GRAS

pétange MOTIVATION COMMUNE an Du

# MAY 16

Free ENTRY

from 12h00 on

Rhythm & Taste @

# Fábrica del Ritmo

Fond-de-Gras



ANDALOUZIK &Jil



König Kings. José Reyes





NEW FLAMENCO BAND SON DE FLORES

SON DE FLORES

Spécialitées espagnoles

www.petange.lu